# Ausstellung: D'Zwangsrekrutéierung an der Gemeng Ell



D'Asbl Geschichtsfrënn Gemeng Ell invitéiert all Leit häerzlech
op hir geschichtlech intressant a léierräich Ausstellung

**D'Zwangsrekrutéierung an der Gemeng Ell**

*Vun der Onofhängigkeetsfeier 1939 iwwer den Zweete Weltkrich*
*bis bei den éischte Groussherzoginsgebuertsdog 1946*

**am Centre Camille Ney zu Ell**

**Samschdig, 9. Mee, a Sonndig, 10. Mee,**
**vun 10.00 bis 12.30 Auer a vun 13.30 bis 18.00 Auer .** – Fräien Entrée

Déi zwéin Deeg weise mer all Kéier um 10.15, 11.15, 12.15, 14.15, 15.15, 16.15 a 17.15 Auer der Rei no dës Filmer (alles op Lëtzebuergesch): **„Le Front russe"*** (3'47") **D'Jongen an der Galerie Hondsbësch"** (18'33"), **„D'Stopp am Pafendauler Kierchtuerm"** (20'04") an **„D'Liberatioun"*** (5'43") – (* Extraiten aus dem Film „Heim ins Reich")







*De President Henri Rasqué mat den Auteure vun der Ausstellung, Henri Leyder a Romain Gaspar (v.l.n.r.)*





Freides war de Vernissage vun der Ausstellung mat den Famillje vun de Jongen an Éiregäscht.

Virum Vernissage hunn d'Geschichtsfrënn, zesumme mam Schäffen- a Gemengerot, Blumme bei de Monument aux Morts gestallt.



Säiteredaktioun: Romain Gaspar






Dee ganze Freiden hunn den Henri Leyder an den Henri Rasqué 150 Schoulkanner d'Ausstellung gewiss.








„Dat war mäi Schoulmeeschter" erënnert sech dësen Här vu Woltz.









Samschdes a sonndes huet Jonk an Al groussen Intressi gewiss.

*Säiteredaktioun: Romain Gaspar*

















No der Aféierung an der Begréissung duerch d'Häre Leyder a Rasqué huet d'Gemeng Ell op e Patt invitéiert. Dobäi war d'Geleeënheet d'Ausstellung am Detail ze kucken. 4 Filmer, honnerte Fotoen an eng Wull Zitater aus iwer dausend Bréiwer wossten ze begeeschteren an zum Nodenken unzereegen.



*Säiteredaktioun: Romain Gaspar*


















Réfractaire
Jos. Schmartz



*Säiteredaktioun: Romain Gaspar*